

# déi *K*onservativ

## Pressemitteilung

12.12.2018

### **D'Declaratioun zum Regierungsprogramm:**

**„Ich mach mir die Welt, widewid wie sie mir gefällt.“**

No der Annonce vun der Lëtzebuerger Regierung iwwert d'Koalitiounsvisiounen an déi zukünfteg, politesch Projeten am Regierungsprogramm, souwéi der offizieller Declaratioun vum Staatsminister Xavier Bettel den 11.12.2018 am Lëtzebuerger Parlament, reagiert d'Partei **déi Konservativ** mat dëser Pressemitteilung op den allgemenge politesche Contenu an d'Presentatioun vum Koalitiounsprogramm fir d'fënnf-järeg Legislaturperiod – esou, wéi dat d'Aufgab vun enger politescher Oppositionspartei ass!

Eis Partei stellt fest, dass d'Gambiaregierung keng Kapitänsnavigatioun an der Fro beweist, wouhin eist Land op der Weltkaart histeiere soll. Sou eng Blannemännchespolitik ass kee gudden Vertrauens- a Kompetenzbeweis a gëtt keng Satisfaktioun. Hei goufen, an eisen Aen, e puer Revoluzzeridde presentéiert wou een d'Sympathie zwar kuerzfristeg als Politik gewënnt, mä keng fundamental Froe léist, oder Konzepter entwéckelt, mat där mir d'Zukunft fir Lëtzebuerg mëttel- a laangfristeg bauen a gestalten. Iwwerdeems verbleiwen d'Koalitiounsparteien stur op hirem Lénkskurs, a setze sech gär mat ideologesche Parteipunkten duerch. An där Koalitioun mécht sech all Partei gär hir Welt, e bëssen esou, wéi se hinne gefällt...

Zäit fir d'Realitéit! Et ass héij Zäit, nohalteg Pläng ëm't de Wuësstem, d'Mobilitéit, de Mëttelstand an d'Familljen, eise Sozialstaat, d'Identitéitspolitik, d'Nationalstaatlechkeet, d'Sécherheet, d'Demokratiséierung an d'Bildung an d'Liewen ze ruffen. Dës Legislaturperiod soll net erëm dozou déngen, d'Problemer ze vertuschen, op de Boboen ze pléischteren, alles schéin ze rieden, a mat de Kamellen duerch d'Land ze zéien. D'Regierung ass engem reellen, politeschen Exercice verpflichtet!

Eis Partei kritiséiert an engems och schäerfstens, dass dës Regierung sech net un demokratesch Prinzipien hält: Esou ass d'Verdeelung vu politeschen Ämter, an d'Beruffung vu Leit op Ministerposten - déi ni gewielt, a ni kandidéiert hunn - e blot Aa fir eis Demokratie! Mir sinn iwwerzeugt: Wie schonns ugangs mat esou Tricke schafft, wien d'Vertrauensbasis beim Vollek ganz sécher op d'Spill setzt.

gezeechent,

déi Konservativ